N°8099
Entrée le 22.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.06.2023

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2023

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, esou wéi un den Här Minister fir d'Fonction publique weiderzeleeden.

Den Educatiounsministère gräift souwuel am Enseignement Fondamental wéi och am Enseignement Secondaire op Chargés de Cours zeréck, fir den Unterrecht an de Fonctionnement vun de Schoulen an de Lycéeën ze assuréieren. Déi Chargés de Cours gi mat Kontrakter vum Typ CDI oder CDD agestallt.

An dësem Zesummenhang stellen ech gär follgend Froen:

- Kann den Här Minister confirméieren, datt Chargés de Cours, déi mat engem CDD agestallt sinn, souwuel am Enseignement Fondamental wéi och am Enseignement Secondaire de Statut vum Employé de l'État hunn?
- Ënner Berécksiichtegung vun den ënnerschiddlechen Diplomer, déi beim Recrutement fir den Enseignement Fondamental an den Enseignement Secondaire gefuerdert ginn, a wéi wäit ënnerscheeden sech de Regime an d'Indemnitéite vu Chargés de Cours mat CDD am Enseignement Fondamental vun deene vu Chargés de Cours mat CDD am Enseignement Secondaire?
- Kann den Här Minister confirméieren, datt d'Chargés de Cours mat CDD am Enseignement Fondamental an am Enseignement Secondaire op déi selwecht Aart a Weis vum indexéierte Punktwäert profitéieren?

Mat déiwem Respekt

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8099 vun der honorabeler Deputéierte Francine Closener**

Jo, souwuel d'Chargés de cours am Enseignement fondamental, wéi och d'Chargés d'éducation am Enseignement secondaire ginn ënnert dem Regime vum Employé de l'État engagéiert. Am Enseignement fondamental geschitt dëst konform zum Artikel 27 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* an am Enseignement secondaire konform zu den Artikelen 3 et suivants vun der *Loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées*.

Am Enseignement fondamental kënnen d'Chargés de cours mat CDD no dräi verschidden Tariffer bezuelt ginn, esou wéi et de Règlement grand-ducal vum 17. Dezember 2010 zu den Indemnitéite vun de Chargéen aus der Réserve de suppléants virgesäit. Den Tarif hänkt hei vum Diplom of an et gi Leit mat engem Secondairesofschloss oder engem Bachelor en Sciences de l'Éducation oder equivalent agestallt. Natierlech brauchen all dës Chargéen och nach eng Attestatioun, déi si habilitéiert, Remplacementer dierfen ze maachen. Am Enseignement secondaire ginn d'Chargés d'éducation soit am Indemnitéitsgrupp B1, soit am Grupp A2 oder A1 agestallt, jee nodeem ëm wéi ee Fach et sech handelt, esou wéi et d'Kadergesetz vum Enseignement secondaire virgesäit.

Déi Indemnitéiten, déi an deem uewegenannte Règlement grand-ducal virgesi sinn, sinn a Suen ausgedréckt an un den Index gebonnen. Déi aner Indemnitéiten, déi am Employésgesetz virgesi sinn, sinn a Punkten (points indiciaires) ausgedréckt.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH